



DEMOKRATESCH
PARTEI

EISE PROGRAMM FIR D'EUROPAWALEN

LËSCHT
1



#dp2019eu

SOZIAL. LIBERAL. EUROPÄESCH.

EIS KANDIDATEN



CHARLES GOERENS



MONICA SEMEDO



SIMONE BEISSEL



ANNE DAEMS



GUSTY GRAAS



LORIS MEYER

INHALTSVERZEECHNES

SOZIAL. LIBERAL. EUROPÄESCH.	4
D'ERAUSFUERDERUNGEN.....	6
1. Fir d'éischt kënt d'Dignitéit	6
2. D'Klima.....	7
De Kampf géint de Klimawissel: eis Prioritéit fir déi nächst Joren.....	7
„Green finance“, sozial responsabel an nohalteg.....	8
3. Wirtschaftlech Effektivitéit mat sozialer Gerechtegkeet vereenbaren	9
De steierlechen a sozialen Dumping ënnergriecht d'Kohäsion an der EU	9
Perspektive fir d'Jugend	10
4. De Multilateralismus verdeedegen! Sech géint d'Excèsse vun der Globaliséierung wieren!... ..	11
5. D'Ekonomie, d'Finanzéierung vun der EU an den EURO.....	12
D'Verstäerkung vum Bannemaart an de Konsumenteschutz.....	12
Eng verstärkte Wirtschafts- a Monetär-Unioun, déi bei Krise séier an effikass gräift.....	12
6. Sécherheet an Aussebeziungen	13
D'Europäesch Unioun, de Garant fir Friden.....	13
Géint den Terrorismus : méi Kooperatioun fir e Maximum u Schutz	15
7. E méi innovatiivt a besser vernetzt Europa	15
Modern an nohalteg europäesch Infrastrukturen	15
Innovatioun, Recherche an Digitalisatioun: eng grouss Chance fir Europa	15
8. Déi gemeinsam Agrarpolitik (GAP) no 2020.....	16
9. Lëtzebuerg an engem méi solidareschen Europa	17
D'Migratioun	17
D'Post-Brexit-Ära.....	18
10. D'Gesondheitswiesen an Europa	18

SOZIAL. LIBERAL. EUROPÄESCH.

Léif Wieler,

Europa ass an éischer Linn e Friddensprojet, dee fonctionnéiert. Nom Zweete Weltkrich hunn d'Länner an Europa sech fir d'éischt erëm mussen erkréien. Et goug drëms, fir den Haass an d'Angscht téschent de Mënschen z'iwberwannen; fir déi fréier Géigner ze verstoen a kennzeléieren. Dank dem gemeinsame Projet vun der Europäescher Unioun, sinn aus de Mënschen am Laf vun der Zäit Partner an esouguer Frënn ginn. Ma leider schéng verschidde Leit an der EU eis gemeinsam Geschicht vun der Grënnung vun der CECA bis bei déi vun der EU vergiess ze hunn. Et stëmmt, déi europäesch Konstruktoun ass e grouse Chantier, deen nach laang net fäerdeg ass. Déi politesch Kräfte mussen dofir dat groust Potential vun der EU mobiliséieren, fir déi fundamental Erausforderungen unzehuelen. An éischer Linn sinn dat de Retablissement vum Respekt vun de Grondwäerter a vun de Mënscherechter. Datt et deslescht erëm méi rassistesch, antisemitesch oder xenophob Tëschefall goufen, kann een net ofstreiden an dat muss bekämpft ginn, grad ewéi den Opruff zum Haass, dee sech ëmmer méi um Internet breet mécht.

An e puer Joer gëtt déi drëtt Generatioun nom Zweete Weltkrich volljäreg. Déi fréier Géigner, aus deenen antëschent Partner gi sinn, dinn sech zesammen, fir Äntwerten op d'Defie vun haut ze fannen. D'Europäesch Unioun ass deemno de Kader, an deem no Äntwerten op Problemer gesicht gëtt, déi d'Länner eleng neméi geléist kréien. Während d'Grënnerstaaten an éischer Linn wollte Krich verhënneren, menacéiere Konfliktsituatiounen haut déi gesellschaftlech Kohäsioun an Europa.

D'DP ass iwberzeegt, dass Europa muss méi enk zesummewuessen, dass Europa muss méi sozial a méi liberal ginn. Am Mëttelpunkt vun deenen Efforte stinn d'Bierger. Mir wëllen all zesumme géint Aarmut a Prekaritéit kämpfen. Mir mussen awer och eis Betriber esou ënnerstëtzen, dass si nei Defie meeschten a weltwäit konkurrenzfähig bleiwe kënnen. Mir wëllen, dass allegueren d'Bierger an der Europäescher Unioun Zougang zu enger héichwärtiger medezinescher Versuergung hunn.

Mir wënschen eis, dass d'Europäer sech an all de Memberstaaten doheem fillen: mat hirer Identitéit, hirer eegener Geschicht a mat hirer Perséinlechkeet. Den nationale Pass, an engem gesamt-europäeschen Design, steet z.B. fir d'Zougehéieregkeet zum EU-Raum. Déi meeschten Zäit passéiere mir d'Grenzen ouni kontrolléiert ze ginn an ouni musse Suen ëmzetauschen. Eis Produkter entspreche ganz héije Standarden, déi vum Europaparlament a vun den nationale Parlamenter fixéiert gi sinn.

Eis Betriber produzéiere fir de groussen europäesche Maart, wat d'Zuel vu potentielle Clienten däitlech vergréissert. De Bannemaart erlaabt den Entrepreneuren, fir a méi grousser Stéckzuel ze produzéieren, wat der Wirtschaft hir Export-Capacitéit verbessert. D'Dränkwaasser aus dem

Krunn muss a ganz Europa héije qualitativen a sanitäre Kritären entsprieche. De Programm ERASMUS + erliichtert d'Mobilitéit vu Studenten, Schüler, Léierbouwen a -meedercher, Enseignanten a Sportler. D'DP wäert dorobber uecht dinn, datt d'EU och an Zukunft am Déngscht vun de Bierger steet.

DAT ASS FIR EIS: „SOZIAL. LIBERAL. EUROPÄESCH.“

Charles GOERENS
Spëtzekandidat

Monica SEMEDO
Spëtzekandidatin

Simone BEISSEL

Anne DAEMS

Gusty GRAAS

Loris MEYER

D'ERAUSFUERDERUNGEN

1. Fir d'éischt kënnt d'Dignitéit

D'Basis vum Zesummeliewen an der EU fousst op der Onantastbarkeet vun der mënschlecher Dignitéit. E Land kann also nëmmen an d'EU kommen, wann et där hier Grondwäerter voll a ganz respektéiert. Virop d'Prinzipie vum Rechtsstaat, vum Recht vun de Minoritéiten, vum Recht op fräi Meenungsäusserung a vun der Reliounsfräiheet. Den Ament leeft eng Prozedur („Procédure contre un État membre qui ne met pas en œuvre le droit de l'union“) géint zwee Memberlänner, déi des Prinzipien nach am Ufank acceptéiert hunn, wéi se an d'EU opgeholl gi sinn, mä wou dat haut net méi de Fall ass. Wann e Land op eng uerg Manéier géint d'Grondwäerter vun der EU verstéisst, sinn nämlech Sanktioune méiglech, déi kënne bis zum Entzuch vum Stëmmrecht am Rot vun der Europäescher Unioun goen. Dofir müssen allerdéngs alleguerten déi aner Member-Länner fir esou Sanktioune stëmmen.

Wat d'Prozedur betrëfft, déi de Ament leeft, wësse mer allerdéngs schonn, datt an dësem Fall keng Unanimitéit wäert zustanekommen. Déi aktuell politesch Konstellatioun bréngt et nämlech mat sech, datt déi zwee betraffe Länner sech géigesäiteg Ënnerstëtzung zougesot hunn, esou datt d'Dispositiounen vum Artikel 7¹ vum EU-Traité net zum Zoch komme kënnen. Fir an Zukunft ze verhënneren, datt Länner, déi sech net un déi europäesch Wäerter halen, vun der Eestëmmegkeets-Regel profitéieren, muss dee Prinzip ofgeschafft ginn. Fir déi Situatioun an de Grëff ze kréien, schwätzt d'DP sech dofir aus, datt Konditiounen agebaut ginn, fir u Suen aus dem Strukturfong fir 2021-2027 ze kommen. Vu datt déi zwee Staaten all Joer eng Zomm aus dem Strukturfong kréien, déi 2 Mol hire BIP ausmécht, hätt d'Unioun hei e konkreten Hiewel, fir datt de Rechtsstaat an deene Länner respektéiert gëtt.

Esoulaang de Respekt virun eise Grondrechter net garantéiert ass, ass d'DP géint all Erweiderung vun der Unioun. Dat ännert awer näischt un eiser Entschlossenheet, fir weider ganz enk mat deene Länner zesummenzeschaffen, déi de Statut vun engem Baitrëtskandidat an d'Europäesch Unioun hunn. Mir sinn awer der Meenung, datt déi Staaten net kënnen EU-

¹Article 7

1. Sur proposition motivée d'un tiers des États membres, du Parlement européen ou de la Commission européenne, le Conseil, statuant à la majorité des quatre cinquièmes de ses membres après approbation du Parlement européen, peut constater qu'il existe un risque clair de violation grave par un État membre des valeurs visées à l'article 2. Avant de procéder à cette constatation, le Conseil entend l'État membre en question et peut lui adresser des recommandations, en statuant selon la même procédure.

Le Conseil vérifie régulièrement si les motifs qui ont conduit à une telle constatation restent valables.

2. Le Conseil européen, statuant à l'unanimité sur proposition d'un tiers des États membres ou de la Commission européenne et après approbation du Parlement européen, peut constater l'existence d'une violation grave et persistante par un État membre des valeurs visées à l'article 2, après avoir invité cet État membre à présenter toute observation en la matière.

3. Lorsque la constatation visée au paragraphe 2 a été faite, le Conseil, statuant à la majorité qualifiée, peut décider de suspendre certains des droits découlant de l'application des traités à l'État membre en question, y compris les droits de vote du représentant du gouvernement de cet État membre au sein du Conseil. Ce faisant, le Conseil tient compte des conséquences éventuelles d'une telle suspension sur les droits et obligations des personnes physiques et morales.

Les obligations qui incombent à l'État membre en question au titre des traités restent en tout état de cause contraignantes pour cet État.

4. Le Conseil, statuant à la majorité qualifiée, peut décider par la suite de modifier les mesures qu'il a prises au titre du paragraphe 3 ou d'y mettre fin pour répondre à des changements de la situation qui l'a conduit à imposer ces mesures.

5. Les modalités de vote qui, aux fins du présent article, s'appliquent au Parlement européen, au Conseil européen et au Conseil sont fixées à l'article 354 du traité sur le fonctionnement de l'Union européenne.

Member ginn, esoulaang en ugepassten Traité net dofir suergt, dass de Respekt vum europäesche Recht am Fall vun enger Violatioun vun deem Recht retabliert gëtt.

2. D'Klima

De Kampf géint de Klimawissel: eis Prioritéit fir déi nächst Joren

De leschten internationalen Experterapport iwwer d'Entwécklung vum Klimawissel ass méi wéi alarmant. D'Bedreeung ass existenziell ginn an dofir muss een hei déi jonk Leit fir hiren Engagement begléckwünschen. Et muss alles gemaach ginn, fir op hiren Appell ze reagéieren, well d'Iwwerliewe vun eisem Planéit ass elo déi éischte Prioritéit op der Welt. Déi Menace zwéngt eis dozou, eis Wirtschaft bis 2050 CO₂-fräi ze maachen. Mir müssen et endlech fäerdegbréngen, **fir eng Strategie opzesetzen, fir eise Planéit ze retten**. Dofir muss mer eis héich Ziler setzen an dofir suergen, dass d'Beméiunge baussent der EU an déi nämmecht Richtung ginn: an der Produktioun, am Stockage, an der Distributioun an am Energieverbrauch.

D'Begrenzung vun der Äerderwiermung op 1,5 Grad am Verglach mat der Duerchschnittstemperatur aus der éischer vir-industrieller Ära bleift awer eng Illusioun, wann déi ganz grouss Pollueur-Staaten net matmaachen. D'EU muss deemno **mat de Schwelleländer zesummeschaffen**, déi vill Zäregasen an d'Atmosphär blosen. Ouni hir Hëllef, kréie mer déi klimatesch Zäitbomm sécher net entschäerft: China (30% vum Ausstouss vun de weltwäiten Zäregasen), USA (15%), EU (9%), Indien (7%) a Russland (5%). Dat nämmecht gëllt fir Afrika, deem seng Bevëlkerung bis d'Enn vum Joerhonnert méi grouss wäert sinn, wéi déi vu China a vun Indien zesummen. **D'DP fuerdert dofir e Plang mat definéierten Ziler an Initiativen**, wat d'Finanzéierung betrëfft. Ma och eng kloer a präzis Agenda, an där déi verschidden Etappen, fir den Ofbau vun den CO₂-Emissiounen a vun der energetescher Transitioun, fixéiert sinn.

Déi renomméiertst Experten, wéi den Jeffrey Sachs – Spezial-Beroder vum Generalsekretär vun de Vereenten Natiounen, fir d'Ëmsetze vun den Objektiv vum enger nohalteger Entwécklung – ginn dovunner aus, dass d'Energiewend duerch d'Opgi vu fossiler Energie keng Illusioun méi ass. Dass d'Zeréckgräifen op alternativ Energien, wéi Wand- a Sonnen-Energie, techesch machbar ass.

Dofir verlaange mir, dass den nächste Kommissiounspräsident esou enger gemeinsamer Strategie absolut Prioritéit gëtt. Déi gréissten Emetteure vu Gas an Zäregase müssen an dee Plang mat agebonne ginn. D'Hauptlinne müssen an den éischen 100 Deeg vum Mandat vum neie Kommissiounspräsident festgeluecht ginn.

D'DP fuerdert vun der nächster Kommissioun eng dynamesch, nei Energiepolitik, déi op e Wissel setzt, a géint Blockagen, national Egoismen, klenglech a widderstriedend Tendenzen ausgeriicht ass.

Den Ofbau vum Gebrauch vun der Kuel an eiser Ekonomie ass keen technesche Problem méi, ma hänkt virum allem vum politesche Wëllen a vum Choix of, wéi Investissementer solle prioritär agesat ginn.

Mir mussen déi grouss Emetteure baussent der EU dovunner iwwerzeegen, fir Quotereegelunge vun Emissiounen anzeféieren, esou wéi Europa dat virgemaach huet.

Wa mer elo alles op Sonnen- a Wandenergie setzen, da musse mer och direkt Äntwerten op verschidden Hauptfroe fannen, wéi déi vun der Versuergungssécherheet, vun der Finanzéierung vu groussen Energieanlagen an déi vun den Transport- a Verdeelungs-Reseauen

Dofir sinn all privat an ëffentlech Effort néideg, fir de Wiessel zu enger Wirtschaft mat wéineg CO2-Verbrauch ze finanzéieren.

„Green finance“, sozial responsabel an nohalteg.

D'DP wënscht sech, datt d'Europäesch Unioun eng Virreiderroll beim **Schafe vun europäesche Labele fir gréng Finanzprodukter** spillt. Mir proposéieren Initiative vum Typ „public-privé“ fir d'Entwécklung vun nohalteger Finanzéierung („green finance“): nohalteg, sozial responsabel, ähnlech wéi gréng Emprunten („green bonds“). Dat ganzt soll duerch d'Schafe vun engem legalen an innovative Kader op EU-Niveau méiglech gemaach ginn. Am Interessi vun enger weltwäiter Energie-Transitioun a vun enger verbesserter Liewensqualitéit, fir déi Mënschen, déi vum Klimawissel betraff sinn. Dat géing europäesche Finanzzentre wéi Lëtzebuerg et erlaben, fir eng Virreiderroll an deem Beräich op internationalem Niveau ze spillen.

Nom Klima-Accord vu Paräis (COP 21) huet déi international Finanzwelt ugefaangen, fir **de finanziellen Impakt vum Klimawissel a Betruecht ze zéien** an och d'Noutwennegkeet vu groussen Investissementer, zugonschte vum Iwwergang zu enger CO2-aarmer Ekonomie. De Rapport vum „Groupe des experts de haut niveau“ an den Aktiounsplang vun der EU-Kommissioun, déi am Januar an am Mäerz 2018 publizéiert gi sinn, setzen de Kader vun dësen Efforten am privaten an am ëffentleche Beräich.

D'DP ënnerstëtzt déi Ziler vun der Kommissioun. Mir schwätzen eis fir eng breet Approche aus, déi och d'Objektiver vu sozialer Responsabilitéit a vun Nohaltegkeet ofdeckt. Esou recommandéiert d'DP bei de folgende Punkten eng acceleréiert Approche op europäeschen Niveau.

- **d'Schafe vun engem eenheetlechen, europäesche Klassifizéierungs-System („taxonomie“)**, mat deem präzis kann definéiert ginn, wat iwwerhaupt gréng, sozial responsabel an nohalteg ass; an deem Beräich wënscht d'DP sech eng Virreiderroll vun der EU. D'Unioun soll den Dialog mat sengen internationale Partner verstärken, fir esou Standarden ze fixéieren;

- **d'Schafe vun europäesche Labelle fir gréng Finanzprodukter, déi sozial responsabel an nohalteg sinn.** Doduercher kënnen d'Investisseure vertrauensvoll an esou Produiten investéieren, déi gewësse Kritären erfëllen;
- d'Verstärke vun der Transparenz a Punkto gréngen, sozial responsabelen a nohaltege Finanzprodukter, fir den Investisseuren z'erlaben, fir all Produkt op seng Konformitéit z'evaluieren;
- **d'Verstärke vun den Initiative vum Typ „public-privé“**, fir den Developpement vun de gréngen, sozial responsabelen an nohaltege Finanzen;
- **d'Entwécklung vun de „green bonds“**, duerch d'Mise en place vun engem legalen, innovative Kader an der EU.

Dovunner ofgesinn, plaidéiert d'DP fir d'Verstärke vun der Roll a vun de Kompetenze vun der Europäescher Investitiounsbank (EIB) am Kader vun der Finanzéierung vu Klima-Projeten.

Schliisslech kéint de Bierger steierlech encouragéiert ginn, fir eng Partie vu sengem Erspuerten an esou Projeten z'investéieren, wouvunner en Deel um Enn vum Joer kéint ofgesat ginn.

3. Wirtschaftlech Effektivitéit mat sozialer Gerechtegkeet vereenbaren

De steierlechen a sozialen Dumping ënnergriecht d'Kohäsion an der EU

D'Kompetenze vun der EU am soziale Beräich sinn nach ganz limitéiert. Europa huet just wéineg budgetär Mëttel fir déi Politik, ausser d'Moyene fir déi éischter symbolesch Interventiounen am Kader vum „Fonds européen d'ajustement à la mondialisation“. An trotzdem huet d'Aktioun vun der EU am monetären an am steierleche Beräich e wichtege Impakt op d'Wuelbefanne vun de Bierger. De Kampf géint de steierlechen a sozialen Dumping an Europa ass wichtege, well verschidde Memberstaaten dës zwee Domainer nach ëmmer als variabel Komponente benotzen, fir méi kompetitiv am Bannemaart ze sinn. Vu datt déi budgetär Mëttel vun den EU-Staaten 40x méi héich sinn, wéi déi vun der EU, ass et illusoresch, datt d'EU an enger noer Zukunft, d'Roll vun engem soziale Verdeeler iwwerhëlt.

Trotzdem wäerten d'Memberstaaten – ënnert der Leedung vun der EU –, ***weider d'Standarder fir déi sozial Grondrechter vun all de Bierger upassen.*** Dovunner ofgesinn, ass den Zougang zu engem EU-wäiten, soziale Mindestloun eng vun eise Prioritéiten. Et ass kloer, datt dee Mindestloun net kann iwwerall d'nämmlecht sinn. E muss de Spezifitéite vun den eenzele Staaten entsprechen a regelméisseg ugepasst ginn. Fir d'DP ***muss d'Sozialpolitik vun der EU prinzipiell no uewen ugepasst ginn.***

An der Sozialpolitik muss mer och ***déi inklusiv Mesurë fir Mënsche mat enger Behënnerung verstärken.*** Ënnert dem Impuls vun der DP, huet d'Lëtzebuerger Regierung eng ganz Rei Moosname geholl, fir d'Situatioun vu behënnerte Mënschen ze verbesseren. Besonnesch a punkto Accessibilitéit an der bebauter Ëmwelt, Produkter, Servicer a Kommunikatioun. D'DP

ënnerstëtzt d'Entwécklung vun der EU-Direktiv „*European Accessibility Act*“ an engagéiert sech fir eng séier Ëmsetzung dovunner. D'DP verlaangt d'Ariichte vun engem europäesche Fuerschungsreseau, deen d'Entwécklung an d'Verbreedung vun innovativen Strategien am Beräich vun der Kommunikatioun fir Leit mat besonnesche Besoinen an deem Beräich fërdert.

Wat *d'Gläichheet an d'Solidaritéit tëschent Männer a Frae betrëfft*, bleift nach e grouse Schrëtt bis zu de Prinzipie vum Traité, an deem besonnesch all geschlechtsspezifesch Diskriminatiounen verbidde ginn. D'Staate mussen dozou incitéiert ginn, fir Mesuren ze huelen, déi all Zort vu Gewalt géint Fraen en Enn setzen. An deem Kontext kéint een sech un der Aarbecht vum „*Groupe de haut niveau sur l'égalité genre et la diversité*“ während de leschte 15 Joer am EU-Parlament inspiréieren.

Perspektive fir d'Jugend

D'Education, den Emploi an déi berufflech Formation sinn d'Responsabilitéit vun de Memberstaaten. Dofir ass all europäesch Aktioun komplementar zu den nationale Politiken. Dowéinst versammelt d'EU reegelméisseg déi verantwortel Ministeren, fir déi national Gesetzgebunge besser an Aklang mat Aktiounspläng am soziale Beräich ze bréngen: z.B. d'„garantie jeunesse“. Dës Mesure huet et ville jonke Leit an Europa erlaabt, fir eng Aarbecht oder eng Formation bannent den éischte 4 Méint no der Schoul oder nom Verloscht vun hirer Schaff ze fannen.

D'EU erliichtert och d'Mobilitéit vun de Jonken. Och wa si keng wichteg Kompetenzen an der Education huet, kann d'Unioun Barrièren bei der géigesäiteger Unerkennung vun Diplomen oder vu Qualifikatiounen vun de Jonken ofbauen. Duerch déi sougenannte Bologna-Reform sinn déi verschidde Studiesystemer op den europäeschen Universitäten harmoniséiert ginn. Dat gëllt awer net fir d'Grondschoulen oder fir de Secondaire. Fir datt déi jonk Leit, deenen hir Eltere voll vum gemeinsamen Aarbechtsmaart profitéieren, sech kënne liicht an de Schoulsystem vun hirem Gaaschtland integréieren, ass d'DP ***fir d'Schafe vun engem gemeinsamen europäesche Bildungsraum***. Zil ass et, datt et an all Land agreéiert Europaschoule ginn, déi, wéi déi véier öffentlechen Europaschoulen zu Lëtzebuerg, e Programm ubidden, deen de Besoine vun de jonken Europäer vun haut entsprécht. Just d'Kommissioun kann et fäerdeg bréngen, fir d'Memberstaaten zu esou engem Reseau vun Europaschoulen ze beweegen.

Zemol Austauschprogrammer hu konkret Verbesserungen bruecht. Zanter senger Aféierung huet „Erasmus+“ et 9 Milliounen jonken Europäer erlaabt, fir sech an esou Programmer anzeschreiwen. Dorënner vill Schüler, Léiermeedercher a -jongen, Educateuren, Ausbilder, Demandeurs d'emplois a Professioneller, ë.a. aus den associativen an aus de sportleche Beräicher. No de positiven Erfahrungen aus de leschte Joren a fir de Programm nach méi Fräiwëllegen opzemaachen – besonnesch och Membere vu finanziell manner gutt gestallte Familljen – ***muss „Erasmus+“ méi Moyene fir d'Zäit vun 2021-2027 kréien***. Sou misst de

Programm „DiscoverEU“, deen et Jonker vun 18 Joer erlaabt fir d'EU bannent engem Mount mat Hëllef vun engem gratis Interrail-Pass vun der EU z'entdecken, an Zukunft fir allegueren déi jonk Europäer opgemaach ginn.

4. De Multilateralismus verdeedegen! Sech géint d'Excèsse vun der Globaliséierung wieren!

D'Globaliséierung huet direkt Auswierkungen op eist Liewen; wéi mer schaffen, wéi mer eis informéieren. Dat ass eng Realitéit, virun där mer net kënnen d'Aen zoumaachen. D'Globaliséierung schaaft Räichtum an an engems Ongläichheeten. Engersäits hëlleft si, fir déi wirtschaftlech Ënnerscheeder téschent de Staaten méi kleng ze maachen. Anerersäits bréngt si et awer net fäerdeg, fir d'Ongerechtegkeeten an eise Gesellschaften ofzebauen. Am Géigendeel, och a ville Memberstaaten, gëtt de Gruef téscht räich an aarm méi grouss. Déi Entwécklung riskéiert fir en allgemengt Gefill vun Ongerechtegkeet ze suergen, besonnesch bei de Perdante vum System. De Manktem u Berechebarkeit an u Perspektive betrëfft ëmmer méi Leit, un éischer Stell déi schwächsten. Vill Independanten a Salarieë fäerten ëm hir beruflech Zukunft oder erliewen, datt hir materiell Situatioun sech verschlechtert. Wann d'Mëttelschichte leiden, riskéieren se sech ze radikaliséieren. Dee Phenomen, dee schonn d'lescht Joerhonnert an Europa opgedaucht ass, gëtt elo duerch d'Digitaliséierung vun der Wirtschaft an duerch de Progrès vun der kënschtlecher Intelligenz verstärkt. Eis Gesellschaft erlieft déifgräifend Verännerungen. D'Gefill vun Ausgrenzung, dat op eng beonrouegend Manéier ëm sech gräift, befaasst déi traditionell Parteien, déi ëmmer méi Problemer hunn, fir déi Mënschen, déi vun de populistesche Bewegungen ugezu ginn, an déi politesch Mëtt ze kréien. Déi Tendenz gëtt ëmmer méi staark a suergt fir ëmmer méi Zoulaf bei de populistesche Mouvementer a Parteien, déi sech op europäeschem Niveau organiséieren an dobäi vu rietsextreme Propagandisten ënnerstëtzt ginn.

Déi rietsextrem Parteie leeën net vill Wäert op eng multilateral Zesummenaarbecht. Dat weist sech dorunner, datt eis Acquisen a punkto Sécherheet, politescher Kooperatioun a fundamentale Fräiheeten a Fro gestallt ginn. Den US-Präsident wëll fräi Bunn hunn a setzt op bilateral Relatiounen. Am Géigendeel zu senge Virgänger, déi méi oder wéineger op de Multilateralismus gesat hunn. Déi ablécklech US-Verwaltung stellt d'Engagementer an d'Aufgaben a Fro, zu deenen se sech engagéiert hat. Si huet d'Welthandelsorganisatioun („OMC“), d'NATO, de Klimaaccord an d'Atomofkommes mam Iran schonn am Viséier.

Och d'Kënnegung vum Accord iwver Mëttelstrecke-Rakéiten (INF) duerch d'USA a Russland hëlleft den europäesche Sécherheets-Interessien net. An engems verlaangen d'USA eng substantiell Erhéijung vun de Verdeedegungsbudgete vun hiren europäeschen Alliéierten. Dat ass eng nei Situatioun, déi eng zerguttstert Hausse vun den Ausgabe vun eise Memberlänner verlaangt, awer Zweiwel un enger weiderer Sécherheitsgarantie vun den USA hannerléisst. D'Europäer gi virun Tatsaache gestallt a mussen sech op en neie politesche Projet eens ginn, ***fir aus der Europäescher Unioun e Beispill u multilateraler Kooperatioun ze maachen.***

5. D'Ekonomie, d'Finanzéierung vun der EU an den EURO

D'Verstärkung vum Bannemaart an de Konsumenteschutz

D'Kompetenzen, déi am Vertrag stinn, erlaben en effikasse Fonctionnement vun der EU. D'Schafe vum Bannemaart ass dat beschte Beispill dofir. D'Norme vun deem Maart gëllen och fir chinesesch Importer no Europa. Déi grouss Produzente wéi China, Korea, Japan an aner performant Schwellelänner müssen sech un déi Normen halen, wa se net wëlle vum europäesche Maart ausgeschloss ginn. D'Konvergenz vum Handelsniveau, **hëlleft eis virun allem beim Konsumenteschutz**. Den europäesche Bannemaart ass eng vun de gréisste Reussitte vun der EU, ma et bleift nach vill Sputt no uewen. D'DP ënnerstëtzt dofir d'Recommandatiounen aus dem Monti-Rapport, besonnesch wat de Gebrauch vun den eegene Ressource betrëfft, fir de Marché unique ze stäerken.

D'DP verlaangt doriwwer eraus, **datt déi Lännerspezifesch Restriktiounen ophéieren**, déi dacks vun de groussen Entreprise praktizéiert ginn. Déi Betriber imposéiere kommerziell Circuiten, andeems d'Wuer muss iwwer Tëschenhändler kaf ginn. Doduercher kascht de Produit um Enn méi deier zu Lëtzebuerg, wéi an den Nopeschlänner. D'DP fuerdert dofir, dass de Lëtzebuerger Handel seng Wuere kann direkt beim Produzent kafen, an net méi iwwer Tëschenhändler fuere muss.

De Konsument misst d'Recht op e kollektive Recours – ënner bestëmmte Konditiounen – kréien, fir säin Interêt viru Geriicht anzekloen. Et wier vu Virdeel, wann esou eng Méiglechkeet géif op europäeschem Niveau fonctionnéieren.

Eng verstärkte Wirtschafts- a Monetär-Unioun, déi bei Krise séier an effikass gräift

Den EURO ass eng Succes-Story. D'DP ass zefridden, dass déi Währung, 20 Joer no hirer Grënnung, aus de Kannerschong gewuess ass an haut eng vun den zolittsten Devisen op der Welt ass. Fir dat och an Zukunft ze garantéieren, muss **d'Verwaltung an d'Belaaschtbarkeet vun der EURO-Zon verstärkt ginn**. De Wëllen an déi politesch Entschlossenheet vun de Responsabele vun der EURO-Zon hu gewisen, dass d'Pessimisten, déi den Ënnergang vum EURO no der Kris vun 2008 annonciert haten, Onrecht haten. D'Europäesch Zentralbank (EZB) huet deemools bewisen, wéi onverzichtbar hire Bäitrag zur Stabilitéit vun der Eenheitswährung an zur wirtschaftlecher Stabiliséierung waren.

Am Geescht vun Europa, dat méi enk zesummewiisst, ass et wichteg, fir déi demokratesch Kontroll vun den Aktivitéite vun der Wirtschafts- a Währungsunioun vun der EU (UEM) ze verbessern. De parlamentareschen Deel vun där Kontroll fällt natierlech dem europäesche Parlament zou. Dofir müssen allerdéngs d'Rechter vun de Parlamentarier aus der EURO-Zon verstärkt ginn. D'Parlamentarier aus Länner, déi net Member vun der Wirtschafts- a Währungsunioun sinn, kéinten och dozou operuff ginn, fir un den Debatten an esouguer un de

Votten iwwert d'UEM deelzehuelen, awer just „à titre indicatif“. Et misst een allerdéngs déi ganz differenziéiert Situatioun berécksiichtegen an den institutionelle Kader bäibehalen.

D'DP ass der Meenung, dass d'EURO-Zon hir eege budgetär Mëttel brauch, fir konjunkturrell Schocke virzebeugen a se ofzeschwächen. An och fir eis Wirtschafte besser op Krise virzebereeden, dass mer an esou Fäll méi séier un e wirtschaftleche Wuesstem uknäppe kënnen. Dat schéngt eis ëmsou méi wichteg, well eis Wirtschaft an enger ähnlecher Situatioun wéi 2008, haut manner Mëttel hätt, fir déi Erausfuerderung unzehuelen. Schliisslech läit d'Staatsverschëldung an der EURO-Zon elo méi wéi 30% méi héich, wéi virun 11 Joer.

An deem Kontext begréisst d'DP *d'Ariichte vun engem neie budgetären Instrument*, fir d'Kompetitivitéit an d'Konvergenz an der EURO-Zon ze fërderen. Esou een Instrument muss kohärent mat den anere Politike vun der EU sinn an de Kritären an och de strategeschen Orientatioune vun de Memberstaaten ënnerleien. D'Fongen dofir missten aus dem europäesche Budget kommen a si missten an éischer Linn fir Investissementer gebraucht ginn a fir Strukturreformen ze fërderen. Domadder sollen d'Ekonomie, am Interessi vun de Bierger a vun de Betriber, méi kompetitiv a méi performant ginn. Esou eng Approche kéint och deene Länner hëllef, déi eng extra schwierig wirtschaftlech Kris erliewen, fir de Stabilitéits- a Wuesstemspakt (SWP) anzehalen.

Schliisslech schwätzt d'DP sech *fir d'Verstärkung vum europäesche Stabilitéitsmechanissem (ESM)* aus, deem säi Sëtz zu Lëtzebuerg ass. An Zukunft kéint den ESM d'Roll vun engem Rettungsnetz („common backstop“) spillen, fir deene Banken ze hëllef, déi hir Engagementer neméi anhale kënnen. Den ESM kéint och eng méi wichteg Roll am Kader vu de finanziellen Assistenz-Programmer („crisis management“) iwwerhuelen. Grad ewéi baussent Krisenzäiten („crisis prevention“), fir d'Belaaschtbarkeit besser ze garantéieren.

6. Sécherheet an Aussebezéiungen

D'Europäesch Unioun, de Garant fir Fridden

Wann et ee Beräich gëtt, an deem Europa sech behaupten an als gëeenten a koherenten Acteur optriede muss, dann ass et dee vun der Sécherheet a vun der Verdeedegung. Aplaz d'Handelen oder och d'Net-Handele vu senge Partner oder Alliéierte musse weider z'erdroen, muss Europa agéieren, *fir senge Bierger kënne Sécherheet ze garantéieren, ouni exzessiv Militärdepense fir seng Memberstaaten*. Ganz nom Motto „Fridde schafe mat manner Waffen“. Fir d'DP, muss d'EU sech verstärkt kënne selwer verdeedegen a seng Sécherheet selwer kënne garantéieren. Esou kéint am Kader vun enger strategescher Partnerschaft mat der NATO eng *europäesch Verdeedegungs-Unioun* fir d'Sécherheet a d'Stabilitéit vun de Memberstaaten a vun den EU-Grenzstaate suergen. Dobäi geet et net ëm d'Schafe vun neie Strukturen, mä ëm eng besser a méi effizient Zesummenaarbecht vun de Arméien an der EU.

Eis Memberstaaten, déi alleguerte wëllen en neit, nukleart Oprëschte vermeiden, müssen d'Fundamenter bauen, fir eng paneuropäesch Sécherheet, déi progressiv ***d'Vertrauen tëschent den europäesche Länner erëm hierstelle kann.***

Dowéinst müssen och déi aktuell Rapporten tëschent der Unioun a Russland iwwerduecht ginn. Et soll net gemaach ginn, wéi wann d'Annexioun vun der Krim ni geschitt wier. Et geet och net drëms, fir d'Agissementer vu Moskau z'acceptéieren, mä et geet ëm d'Efforten, fir lues a lues erëm e Vertrauensverhältnes opzebauen. Dëst war eis schonn eng Kéier gegléckt, an enger Zäit wou d'Relatiounen tëschent de Staaten um europäesche Kontinent nach vill méi ugespaant waren. D'Politik vun de klengen Schrëtt, déi ënnert engem Brandt, Scheel, Bahr oder Genscher ufanks de 70er derzou gefouert huet, d'Ost-West-Entspannung erbäizeféieren, bleift e Beispill, dat een och am haitege Kontext net soll aus den Ae verléieren. Dëst dierf awer kengesfalls d'Determinatioun vun eise Länner beaflossen, sech selwer kënnen géint all potentiellen Ugräifer ze wieren. Wann een an déi Richtung geet, da kéint d'Europäesch Unioun derzou bäidroen, dass d'Fro vun der europäescher Sécherheet an enger kontinentaler Approche gekuckt gëtt, déi de Sécherheitsinteressie vun allen, och deene legitimme vu Moskau, gerecht gëtt.

D'Memberstaaten wëllen awer weider d'Unanimitéit a Saachen Aussepolitik, Sécherheet a Verdedegung bäibehalen. Et ass also net verwonnerlech, dass déi Héich Verriederin vun der Unioun fir d'Aussen- a Sécherheitspolitik, niewent Verrieder vun deem engen oder deem anere Memberstaat, dacks just déi zweet Gei gespilt huet. Sou huet een z.B. d'Presidente vu Russland a vun der Ukrain zesumme mat der Bundeskanzlerin an och mam fransésche President um Verhandlungsdësch gesinn. An esou engem Format war net wierklech Plaz fir déi Héich Verriederin vun der Unioun fir d'Aussen- a Sécherheitspolitik. Verschidde Länner wëllen do keng Plaz maachen a suergen an esou Fäll dofir, dass d'Verieder vun den Institutionen vun der Europäescher Unioun ausgegrenzt bleiwen. Wann een awer der öffentlecher Meenung nolauschtert, sou ass déi kloer dofir, dass d'Unioun mat enger, staarker Stëmm schwätzt, wann et ëm Krich a Fridde geet. Esou gesinn, ass de Bierger scho méi wäit wéi d'Politik.

D'DP wëll, dass Schluss ass mat der Unanimitéits-Regel, wann et ëm d'Aussepolitik geet. Dat nämmecht gëllt fir d'Kooperatiouns- an d'Entwécklungspolitik. Och wann d'Efforte vun der Kommissioun a vun den EU-Memberstaaten si zum weltwäit éischten Acteur an deem Beräich gemaach hunn, läit d'Entwécklungshëllef vun deenen 28 awer nach däitlech ënnert dem Seuil vun 0,7 Prozent vun hirem BIP. ***D'DP ënnerstëtzt dofir voll a ganz de Rapport vum europäesche Parlament iwver „l'Instrument de voisinage, de coopération au développement et de coopération internationale“.***

D'DP ass onbedéngt fir ***d'Bäibehale vun engem offenen Aussenhandel***, och wann sech verschidde Staate den Ament ëm Importtaxe streiden. Dofir ënnerstëtze mir och d'Kommissioun fir weider bilateral Handelsaccorden auszehandelen.

Wat déi ekonomesch Partenariatsaccorde mat den AKP-Staaten (Afrika, Karibik a Pazifik) ugeet, sou muss e besonnesch Wäert drop geluecht ginn, datt dese Länner gehollef gëtt, datt och si kënne Produiten herstellen, déi eise Qualitätsstandarden entsprechen. Europa muss sech och bei der Welthandelsorganisatioun (WHO) asetzen, fir datt des Entwécklungslänner net mat Produiten iwwerschwemmt ginn, déi méi bëlleg si wéi d'Produktiounskäschte bei hinnen.

Géint den Terrorismus : méi Kooperatioun fir e Maximum u Schutz

D'Europäesch Unioun huet et selwer an der Hand, fir fir d'Verdeedegung vun de Biergerrechter a fir de Schutz géint den Terrorismus ze suergen.

Andeems een den *Informatiounsaustausch iwwer d'Menacen, déi eis Sécherheet bedreeën*, verbessere géif, kéint d'Europäesch Unioun géint d'Versich vu rietsextreme Mouvementer virgoen, déi eise Rechtsstaat an eise System attackéiere wëllen.

7. E méi innovatiivt a besser vernetzt Europa

Modern an nohalteg europäesch Infrastrukturen

Ee vun de gréisste Succèse vun Europa ass, datt mir eis all fräi an der Europäescher Unioun beweegen kënnen. Dës Fräiheet muss elo ofgeséichert ginn, andeems och déi europäesch Infrastrukture fir d'Mobilitéit, d'Vernetzung – besonnesch déi digital – an d'Energië gestärkt ginn.

Et brauch een eng Stonn an zwanzeg Minutte fir mam Zuch vu Bréissel op Paräis ze fueren, et brauch een e bësse méi wéi zwou Stonnen, fir vu Bréissel op London an et brauch een dräi Stonne fir vu Bréissel op Lëtzebuerg – wann den Zuch da pünktlech ass. Wann dat esou bleift, ass dat e groussen Handicap fir eist Land, awer och fir eis Stad, eng vun de europäeschen Hauptstied. D'DP ass der Meenung, datt *nei Finanzéierungsmodeller, fir de Bau an den Ënnerhalt vun Transportinfrastrukturen*, och soll der Zuchverbindung Bréissel-Lëtzebuerg zegutt kommen.

Am Stroosseverkéier setzt sech d'DP fir *e legalen europäesche Kader fir d'autonomt Fueren* an. D'EU soll an deem Beräich Virreider sinn an e juristesche Kader ausschaffen, fir d'autonomt Fueren op europäesche Stroossen.

Fir Autoen, déi besonnesch vill Knascht ausstoussen, aus de Stadkären erauszehalen, hu verschidden europäesch Stied eng Vignette agefouert. Fir d'Automobilisten, déi a villen europäesche Stied ënnerwee sinn, net onnéideg ze schikanéieren, proposéiert d'DP *eng eenheetlech europäesch Vignette*, mat där een an all déi concernéiert Stied erakënnt.

Innovatioun, Recherche an Digitalisatioun: eng grouss Chance fir Europa

D'DP ass der Meenung, datt d'Depense fir d'Recherche mussen héichgehale ginn. Mir setzen eis och fir eng *Vereinfachung an eng méi séier Ëmsetzung vun de Prozeduren an, fir europäesch Biihëllef fir d'Recherche* unzufroen.

D'Digitalisatioun ass haut iwverall. Si verlaangt vun der Wirtschaft a vun de Bierger e gewëssen Effort, fir sech unzepassen. Engersäits mécht d'Digitalisatioun verschidden Aarbechtsplazen iwverflësseg, anersäits kommen och neier bäi. D'EU muss eng gemeinsam, ambitiéis Strategie definéieren, fir datt an Zukunft d'Bierger an d'Betribler kënne vum *digitale Bannemaart* profitéieren. National Regulatiounen, déi digital Grenziwwerschreidunge behënneren, mussen ofgeschafft ginn. D'DP fuerdert dofir och de Verbuet vum Geoblocking. Mir wëllen net weider akzeptéieren, datt Mënschen an Europa vu Streamingdëngschter ausgeschloss sinn, déi awer an den Nopeschlänner kënne captéiert ginn.

Fir datt seng Finanzzentre weider kompetitiv bleiwen, muss d'Europäesch Union e Champion an der *Finanzinnovatioun* ginn. Dofir mécht sech d'DP staark, fir eng Reglementatioun vun neien Entwécklungen, wéi dem Crowd Funding, Crowd Investing, Cloud Banking, Kryptowärungen a –fongen a vun Initial Coin Offerings. Doriwwer eraus ass d'DP der Meenung, datt, ganz nom Subsidiaritéitsprinzip, déi entspreichend Autorisatiounen an d'Iwwerwaachung dovunner, sollen an den Hänn vun den nationalen Autoritéite bleiwen.

Fir d'DP ass et wichteg, datt d'Strategie vun der Europäescher Kommissioun, fir d'Schafe vum engem performante *5G-Netz* an der EU, besonnesch ambitiéis muss sinn. Well e flächendeckenden, séieren a séchere mobillen Internet mécht d'EU méi attraktiv fir innovativ Entrepreneuren, an erlaabt den Europäer ëmmer an iwverall connectéiert ze sinn.

D'EU muss och alles dru setzen, fir hire Retard am Beräich vun der artifizieller Intelligenz opzehuelen. Déi verschidde Politike vun de Memberstaaten si Schold un dësem Retard. Et ass awer ganz wichteg, datt d'EU – ganz nom Motto „*nous ne sommes pas offerts à l'intelligence artificielle, mais ouverts à celle-ci*“ – besonnesche Wäert op déi ethesch Aspekter leet, wat den Ëmgang mat der artifizieller Intelligenz ugeet.

D'DP wäert um Prinzip vun där Netzneutralitéit festhalen, well mir de gläichberechtigten Internetaccès als Grondrecht vun alle Bierger ugesinn.

8. Déi gemeinsam Agrarpolitik (GAP) no 2020

Déi gemeinsam Agrarpolitik (GAP) war déi éischt op europäeschem Niveau. D'Landwirtschaft huet vill strukturell Reformen duerchgemaach, si huet sech reegelméisseg moderniséiert an ass haut ee vun den informatiséiertsten a robotiséiertsten Secteuren an der EU. Si muss sech och de verschiddensten Erwaardungen upassen. Et gi méi Konsumenten, déi fir Bio sinn, wéi där, déi och bereet sinn, de Präis dofir ze bezuelen. Et wëll een d'Planzeschutzmëttel aus der Landwirtschaft verbannen, ouni awer Liewensmëttel-Importer ze verbidden, déi op deem Plang manner streng sinn.

De Bauer, dee sech mat dëse verschiddenen Erwaardunge muss ausernee setzen, muss kënnen op en europäesche Kader zielen, deen him erlaabt, fir sech permanent z'adaptéieren. De Progrès an der Landwirtschaft an de leschte Joren ass reell, mä entsprécht net ëmmer dem karikaturale Bild, dat sech vill Leit vun deem Secteur maachen. Et gëtt **méi nohalteg Produktiounsmethoden**, déi och geschwë kënnen agesat ginn. Elo mussen se an der Praxis gepréift ginn a da mussen se sech lues a lues duerchsetzen.

Dofir ass et wichteg, fir op eng Recherche ze setzen, déi raisonnabel a praktikabel Alternative kann erfuerschen. Et wier och net vu Muttwëll, déi selwecht Qualitéitsufuerderungen un déi importéiert Produiten ze stellen. Et ass nämlech schwiereg, d'Benotze vu Glyphosat an der Europäescher Unioun ze verbidden, ma weider Liewensmëttel aus Géigenden z'importéieren, an deenen dat Mëttel nach erlaabt ass.

D'Präisser an der Landwirtschaft sinn iwwregens nach ëmmer op engem déiwen Niveau, esou datt eng staatlech Akommeshëllef ëmmer nach noutwendeg ass. Normalerweis misst déi finanziell Enveloppe vun der GAP fir d'Periode 2021-2027 op deem selwechten Niveau bleiwen, wéi elo.

D'Bäibehale vun engem Hëllefskader a punkto Landwirtschafts-, Klima- an Ëmweltmoosnamen, deen duerch national Mesurë ka komplettéiert ginn, ass fir eis de richtege Wee. Nëmmen esou kënne mir et eise Baueren en Akommes erméiglechen, dat ähnlech ass wéi dat vun anere Beruffsgruppen.

All Joer gi Millioune vun Déiere bannent der Europäescher Unioun transportéiert. Am Juni 2018 huet Lëtzebuerg ee vun de modernsten a fortschrëttlechten Déiereschutzgesetzter an Europa ëngesat, dat d'Déiere als Wiese mat Gefiller a mat enger Dignitéit betruecht. D'Situatioun an Europa ass awer nach laang net zefriddestellend. Dofir wäert d'DP sech fir **e staarken an aartgerechten Déiereschutz** op EU-Niveau asetzen, besonnesch fir besser Konditiounen während grenziwwerschreidenden Transporter.

9. Lëtzebuerg an engem méi solidareschen Europa

D'Migratioun

An der Migratiounspolitik hunn d'Memberstaaten meeschtens ganz verschidde Meenungen. Länner wéi Polen an Ungarn, refuséiere carrement fir Flüchtlinge bei sech opzehuelen an acceptéieren och net déi europäesch Legislatioun, déi Quote virgesäit an definéiert, wéi vill Demandeurs d'asile all Land ze protegéieren huet. Anerer, déi de Gros vun der Laascht op sech huelen, ginn ëffentlech attackéiert. Eng europäesch Léisung an der Flüchtlingfro wäert nëmmen da méiglech sinn, wa jiddereen sech eens ass, datt een eng gemeinsam Léisung brauch. Fir d'éischt muss een sech **d'Moyene ginn, fir eis Grenze besser kënnen ze schützen**, wat natierlech e gewësse logisteschen a finanziellen Effort vun de Memberstaaten verlaangt. Da

muss een *e Verdeelungsschlüssel* uwenden, deen d'Memberstaate verflucht, *fir eng gewëssen Zuel u Flüchtlingen, proportionell zu der Awunnerzuel, bei sech opzehuelen.*

Duerch esou eng Approche hätt déi fälschlecherweis als „Flüchtlingskris“ bezeechent Situatioun kënnen evitéiert ginn. De Widderwëllen, fir dëse Problem zesummen unzuegoen an och zesummen no enger Léisung ze sichen, huet a ville Memberstaate zu engem politeschen Äerdbiewe gefouert. Esou sinn zum Beispill nei rietsradikal Bewegungen entstanen, déi géint en humanitären an humanisteschen Ëmgang mat deene Leit stinn, déi viru Krich, Folter a Barbarei fortgelaaf sinn. Lëtzebuerg huet all Interêt, datt seng Partner déi néideg politesch, administrativ a logistesche Moyenen zesummeleeën, fir esou Situatiounen kënnen ze bewältegen.

D'Post-Brexit-Ära

Den Austrëtt vu Groussbritannien aus der EU ass nëmme nach eng Saach vun Zäit. Engersäits kéint een Europa elo als geschwächt dohinner stellen, mä andersäits ass et elo un der Zäit, datt Europa sech als staarken, globalen Acteur behaupt.

Just d'EU ka global Erausforderungen bewältegen. Lëtzebuerg huet viru sengen Noperen a Partner erkannt, datt een zesumme méi staark ass. An dësem Sënn mussen och déi institutionell Froen vun der Europäescher Unioun nom Austrëtt vu Groussbritannien ugaangen ginn. An engem vun de klengste Länner aus der EU, muss een sech bewusst sinn, datt grad d'Deele vun eiser Souveränitéit eis Fridden a Wuelstand bruecht huet. Mä och Fräiheeten an eng Gerechtegkeet, wéi d'Land se nach erlieft huet.

D'DP invitéiert all politesch Acteuren, sech fir *d'Weiderféierung vun der europäescher Integratioun* staark ze maachen an dëst am Interêt vun den nächste Generatiounen. Déi britesch Jugend, déi gläich net méi vun den Acquisen vun der Europäescher Konstruktioun wäert profitéieren kënnen, beneit eis fir d'Zukunftsperspektiven, déi d'EU eis bitt.

10. D'Gesondheitswiesen an Europa

D'Gesondheitswiese läit am Prinzip an der Kompetenz vun de Memberstaate selwer. Dat heescht awer net, datt ganz nom Prinzip vun der Subsidiaritéit, europäesch Initiativen déi national Politiken net ergänzen kënnen.

D'DP setzt sech fir eng *besser Kooperatioun op europäeschem Plang* an a fir eng Verbesserung vum Gesondheitswiesen an de Memberstaaten. Dëst kann ë.a. duerch verbessert Konditiounen beim Kampf géint schwéier Krankheeten geschéien. Duerch eng verstärkte Recherche a punkto Ursachen, Transmissioun oder Preventioun. Grad ewéi duerch intensiv Preventiounscampagnen op EU-Niveau. D'Unioun muss och d'Kompetitivitéit an d'Inovationskapassitéit vum Gesondheitssektor an Europa stimuléieren.

D'Europäesch Medikamentenagence (EMA) muss och déi néideg Mëttel hunn, fir kënne séier nei Medikamenter a medezinesch Accessoires z'evaluieren a fir hiren Accès op den europäesche Maart zouzeloossen.

Fir géint de beonrouegende Phänomen vun der Medikamentknappheet virzegoen, déi och zu Lëtzebuerg ëmmer méi dacks virkënt, setzt d'DP op eng europäesch Léisung a Concertatioun mam Pharmasecteur. Esou kéint een d'Produktioun vun den Aktiv-Substanzen erëm zréck an Europa bréngen.

Och den Informatiounsaustausch tëschent den Acteuren an der Medikamenteketten an de Patiente soll verbessert ginn an et soll eng Harmonisatioun vun der Reglementatioun op europäeschem Niveau ugestriift ginn.

Léif Wieler,

Bei den Europawale vu Mee 2019 ginn d'Membere vum Europäesche Parlament fir d'Mandatsperiode 2019-2024 bestëmmt.

Geschwächt duerch de Brexit, huet d'Europäesch Unioun un Iwwerzeegungskraaft verluer. Et besteet e reelle Risk, datt **Si** och um ekonomeschem Plang un Afloss verléiert. Och wann dee Constat veronsécherer kann, esou ass et awer keng Fatalitéit. Déi eenzel EU-Memberstaate kënnen dës Erausforderung net eleng stemmen. Déi eenzeg Léisung ass e méi staarkt a méi solidarescht Europa, dat och am G7 vertrueden ass.

E méi géeneegt an e méi visionäert Europa ass wesentlech, fir senger Bierger kënnen Wuelstand, Fridden a Fräiheet ze garantéieren. D'EU huet deen néidege Poids, fir sech Gehéier kënnen ze verschafen a gréisser Chantieren, wéi d'Energiewend an de Klimawissel, unzegoen. Géeneegt a mat senger Experienz, fir seng Memberstaate bei gemeinsame Projete kënnen un een Dësch ze kréien, ass d'EU dozou beruff, fir de Multilateralismus – dee vu verschiddene gréissere Länner mat Féiss getrëppelt ginn – erëm opzefrëschen. Vun der Europäescher Unioun gëtt awer virun allem erwaart, datt **Si** et fäerdeg bréngt, datt déi fundamental Valeuren erëm fest an der DNA vun de Memberstaaten verankert ginn. Well et ass dat, an och hir sozial Maartwirtschaft, déi d'EU vun anere Regionnen aus der Welt ënnerscheet.

Resolut SOZIAL, LIBERAL an EUROPÄESCH, esou wëll d'DP den Enthusiasmus vun de Bierger deelen, déi d'Valeuren, wéi déi vun der mënschlecher Würd héichhalen. D'DP invitéiert d'Bierger, fir un der grousser, kollektiver Aventure vun der Europäescher Konstruktioun deelzehuelen.

The first part of the document discusses the importance of maintaining accurate records of all transactions. This includes not only sales and purchases but also any other financial activities that may occur. It is essential to ensure that all entries are properly documented and supported by appropriate evidence.

In addition, the document emphasizes the need for regular reconciliation of accounts. This process involves comparing the company's internal records with the bank statements to identify any discrepancies. By doing so, the company can ensure that its financial statements are accurate and reliable.

Furthermore, the document highlights the significance of maintaining a clear and organized system for tracking expenses. This can be achieved by using a consistent coding system and keeping all receipts and invoices in a central location. This approach will facilitate the preparation of financial reports and help in identifying areas where costs can be reduced.

Finally, the document stresses the importance of staying up-to-date with the latest accounting standards and regulations. This is crucial for ensuring that the company's financial reporting is compliant with all applicable laws and regulations. Regular training and education for the accounting staff will help to ensure that the company remains current in this rapidly changing field.



DEMOKRATESCH
PARTEI

SOZIAL. LIBERAL. EUROPÄESCH.

#dp2019eu

WWW.DP.LU

Demokratesch Partei

148-150 boulevard de la Pétrusse
L-2330 Luxembourg
Tel. (+352) 22 10 21
Fax. (+352) 22 10 13
Email: secretariat@dp.lu

www.dp.lu

 demokrateschpartei
 dp_lu
 dp_demokratesch_partei
 621 37 2018

**ADLE - Alliance des Démocrates et
Libéraux pour l'Europe**

Parlement Européen
60 Rue Wiertz
B-1047 Bruxelles
Tel. (+32) 2 284 21 11
Fax. (+32) 2 230 24 85
Email: aldegroupp@europarl.europa.eu

www.alde.eu

 ALDEgroup
 ALDEgroup
 alde_group